n° 3468

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

REÇU
Par Alff Christian , 13:44, 18/01/2021

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Am Laf vun der leschter Woch hunn d'Gemengen de "Projet de plan national de la qualité de l'air" zougeschéckt kritt. Et sinn eng Rëtsch vu Plazen uechter d'Land wou de Grenzwäert iwwerschratt gëtt.

Um Territoire vun der Gemeng Hesper ass dat notamment och an der rue de Gasperich de Fall. Op Initiativ vun der Gemeng Hesper gouf virun enger Rei vu Joren decidéiert fir Analysen um Territoire vun der Gemeng ze maachen, mam Constat datt e puer Plaze periodesch iwwert dem Grenzwäert louchen. D'Gemeng huet selwer eng Rei vu Moossnamen ergraff fir d'Situatioun ze verbesseren. Den Haaptfaktor ass awer dee vum Verkéier deen all Dag iwwert d'Nationalstrooss N3 a verschiddene CR'en a Richtung vun der Stad Lëtzebuerg zirkuléiert.

De Contournement d'Alzingen dee ronderëm d'Gemeng soll féieren ass zanter Joren an der Diskussioun ouni datt bis haut nennenswäert Resultater eraus komm wieren.

Am Rapport vum Ëmweltministère ass awer lo festzestellen datt genau dëse Contournement dofir suerge soll datt d'Grenzwäerter ëm 7 µg/m3 en NO2 am Joer 2023 kennen erofgesat ginn.

An dësem Kontext wollt ech d'Ministere froe wéi dës Reduktioun am Joer 2023 a Bezuch op de Contournement ze verstoen ass:

- Wéi kann esou eng Berechnung oder Ukënnegung gemaach gi wann mol nach keen definitive Projet vum Bau vun dësem Contournement um Dësch léit?
- Op Grond vu wat fir enger Berechnung ass definéiert ginn datt eng Reduktioun vu 7 µg/m3 géif zustane kommen?
- Wéini soll d'Consultation publique vum Contournement gemaach ginn?
- Et ass jo definitiv net domat ze rechnen datt mam Bau vum Contournement virun 2023 ugefaange gëtt, mat wéi engen anere Moossname gedenkt d'Regierung de Grenzwäert ënnert 40 ze bréngen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 19 février 2021

REÇU
Par Alff Christian , 14:02, 19/02/2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°3468 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3468 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3468 vum 18. Januar 2021 vun dem éirewäerten Deputéierten Här Marc Lies iwwert de nationale Loftqualitéitsplang**

***De Contournement d'Alzingen dee ronderëm d'Gemeng soll féieren ass zanter Joren an der Diskussioun ouni datt bis haut nennenswäert Resultater eraus komm wieren.***

***Am Rapport vum Ëmweltministère ass awer lo festzestellen datt genau dëse Contournement dofir suerge soll datt d'Grenzwäerter ëm 7 µg/m³ en NO2 am Joer 2023 kennen erofgesat ginn.***

***Wéi kann esou eng Berechnung oder Ukënnegung gemaach gi wann mol nach keen definitive Projet vum Bau vun dësem Contournement um Dësch léit?***

Am aktuelle Loftqualitéitsplang vun der Ëmweltverwaltung gëtt den Afloss vun der Verkéiers- a Flottenentwécklung bis zum Joer 2023 op d'Stéckoxidimmissiounen op besonnesch kritesche Plazen am Land analyséiert. Dëst geschitt op der Basis vu Verkéiers- an Flottenentwécklungsprevisiounen esou wéi Loftqualitéitssimulatiounen déi am Kader vun enger Etüd[1] gemaach gi sinn. Fir déi kritesch Plaz an der Rue de Gasperich um Territoire vun der Gemeng Hesper kann een dovunner ausgoen, datt 2023 déi duerchschnëttlech deeglech Unzuel bei 17470 Gefierer läit. Géif de Contournement vun Alzéng 2023 bestoen, esou kéint domat dës Zuel op 10540 Gefierer reduzéiert ginn. Dëst sinn natierlech theoretesch Betrachtungen.

***Op Grond vu wat fir enger Berechnung ass definéiert ginn datt eng Reduktioun vu 7 µg/m³ géif zustane kommen?***

Ewéi an der éischter Äntwert beschriwwen goufen an der Etüd[1] zwou verschidden Loftqualitéitssimulatiounen fir de Miesspunkt Hesper berechent. Eng Prognos mat normaler Verkéiers- a Flottenentwécklung bis 2023 an eng zweet Prognos mat enger Verkéiers- a Flottenentwécklung bis 2023 ënner Berécksichtigung vun enger Verkéiersreduzéierung wéi se duerch e Contournement zustane kéim. D'Differenz vun deenen zwou Prognosen chiffréiert sech op 7 µg/m³.

***Wéini soll d'Consultation publique vum Contournement gemaach ginn?***

Am Ablack ass de Bericht vun der d'Ëmweltverdréiglechkeetspréifung nom Gesetz vum 15. Mee 2018 an der Ausaarbechtung a wäert am Fréijoer den Autoritéite kënne virgestallt ginn. Op Basis vun der Stellungnam vun den zoustännegen Autoritéite kann uschléissend déi ëffentlech Unhéierung lancéiert ginn.

D'Verlagerung vum Verkéier gëtt nach an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Hesper, mat dem Zil substantiell Verbesserungen am Uertskär vun Hesper ze erreechen, op den neiste Stand gesat. Dës Entlaaschtung vum Uertskär géif souwuel der Loft- wéi och der Liewensqualitéit vun den Awunner ze gutt kommen.

Déi entspriechend Moossname wäerten am Uschloss an d'Ëmweltverdréiglechkeetspréifung integréiert ginn.

***Et ass jo definitiv net domat ze rechnen datt mam Bau vum Contournement virun 2023 ugefaange gëtt, mat wéi engen anere Moossname gedenkt d'Regierung de Grenzwäert ënnert 40 ze bréngen?***

[1] Luftqualitätsplan Luxemburg 2020: Immissionsprognosen und Auswirkungen von Minderungsmaßnahmen, Müller-BBM, Dezember 2020

Et gëtt estiméiert, datt bei normaler Verkéiers- a Flottenentwécklung (ouni Contournement) de Grenzwäert vu 40 $\mu g/m^3$ bis 2024 zu Hesper an och soss iwwerall am Land agehale bzw. ënnerschratt gëtt. Dës Estimatioun gouf gemaach op Basis vun den Immissiounsprognosen fir 2023 an dem mëttelfristegen Trend tëscht 2018 an 2023.